t'Steck vun den Exploven #6-11
Eng Roll vum Hornbock war leiden nöt mei' do.

Letzeburger Scouten
St Louis / Bonnevoie

THEATERBUHN /

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

DE MONNI LUCKY AUS DEM KENTUCKY oder
d'GOLDKESCHT
================================
leschtegen Enakter fir 10 Perso'nen

1. Szén :
den Här an d'Mme Meier, zwe'n Gepäckdre'er (G1 a G2)

G1 : Si mir hei bei Meier, wann ech froen därf ?
H.Meier: Dât kennt ganz drop un. Hei get et vill Meieren. Mengt der vleicht de Professer Meier ?
G1 : Ech mengen net; vu Professer srèt neischt op der Kescht.
H.Meier: Well da wirt der hei beim Falschen. Ech sin net de Professer Meier. Stèt vleicht Dr Meier drop? Da sit der och falsch.
G2 : Et stèt " Mister " Meier drop.
H.Meier: Mister Meier? Dé kennen ech net ! - Wart ech froe meng Fra op so' e Mister Meier hei an der Noperschaft wunnt. Margre't ! komm mol bis eran !
Mme M. : Wat ass da Charel ? - ujé ! wât eng gro'ss Kescht ! Ass de' fir ons ?
H. M. : So mol, de' Hären hei sichen no engem gewesse Mister, wès du op so' èn heiremmer wunnt ?
Mme M. : Ech kennen se all an der Gâss mais e Mister ass net drenner.
G1 : Abbé dann, neischt fir ongutt, da gi mir rem .
Mme M. (huet d'Adress genau ennersicht) Halt ! de' Kescht ass dach fir eis. Et stèt jo eng Adress drop an de' ass ons.
G1 : E Gleck, ech hun neischt derge'nt. Se ass ze schwe'er fir nach lâng dermat dohir pilgeren ze goen.
G2 : An dém Fall kre'en ech 1.200 F vun Iech.
Mme M. (erschreckt) Wât gelifft ? Wât hut der gesôt ?
G1 : 1.200 F., de Porto ass ze bezuelen.
H. M. an Mme zesummen : Nèn, de' Kescht gehe'ert ons bestemmt net !
Mme M.: Wien ass eigentlech den Absender ?
G2 : E gewessen Lucky Meier aus dem Kentucky, Amerika .
Mme M.: ( pletzlecg fro') Ma dât ass jo eise Monni (pespert dem Här eppes) : Des Kescht gehe'ert ons ganz bestemmt. De Monni Lucky woar Goldgriewer; vleicht ass e gestuerwen a scheckt ons d'Ierwschâft - Dass Gold an der Kescht !!!
H. M. : An dém Fall gin ech d'Geld sichen.
Mme M.: (hèmelt d'Kescht) ei, eso' eng sche'n schwe'er Kescht !
Här M.: (zreck) Hei hutt der de' 1.200 Frang .
G1+G2 : Villmols merci an eddi ! ( of )
++------------------------------++

2. Szén den Här an d'Mme Meier
Si bekucken sech, dann d'Kescht, dann rem sech. Erwârdung, Frèd ! T'Margre't ass ganz opgeregt vu Frèd )
Mme : Allez hop, Charel, huel den Hummer an eng Zâng !
Här M.: (gèt et sichen) Zâng wo' bass de ?
Mme Fir t'e'scht kre'en ech e neit Klèd vun engem Goldsteck ( se mâchen d'Kescht op )
Zesummen : Wât !!!! Komesch !!!!!!
Här : Dat ass jo en helm
Mme : Mir dreiwen dach kè Wàssersport
Här : ( hellt eng Schachtel raus) Waaat soll dann hei dran sin ?
Mme : Kakao ?
Här : Tatsächlech ! Amerikanesche Kakao
Mme : (hellt es e we'neg) Hmm, e schmâcht guer net schlecht.
Här : Dé kennt jo grad mat Zeit, well haut eis Tata kennt .
Mme : Jo, mais da musse mer awer d'Gold se'er verstoppen, well d'Tata ass so' firwetzeg ./.H.( wuult weider an der Kescht) T'si keng dran ? Hei ass nach eng Kescht. Wât stèt drop ?
Mme : Danger , Ex-plo- si-ves' Gun - pow- der. Verstès de dât ?

Här: A wou hir
Mme: Hei e Bréif: ech liesen! (Liest)
Well dem Old Lucky eng Indianerkugel senger Gesondhét geschuet huet, well se him d'Lieweslîcht ausgeblosen huet, duerfir schéke mer iech wât him gehéiert huet: en Taucherkostüm, eng Köscht mat Sprengstoff - (jeitzt) Höllef, fort mat der Köscht!
Här: Ech färten.
Mme: Allez, op de Schâf dermat.
Här: Daat muss ech der Police melden.
Mme: A wât stét nach hei am Bréif: an eng extra Schachtel hu mir d'Aeschen vu sengem verstuerwenen Lieblingsmippchen gedoen.
Här: Aeschen vun engem Hond. O mei, de Kakao!!!
Mme: 't gött mer schlecht.
Här: An dobei 1200 fr. durch d'Peif
Mme: Allez hep, stéi net do ze jéimmeren. Do ass jo nach den Taucherkóstüm.
Här: A waat solle mer domat ufänken?
Mme: Ma elo dés de dén emol un. Vleicht passt en der an da fure mer op d'Riviera wéi eis Nôperen.
Här: Ah nén, ech dun en net un.
Mme: (kuckt béis) Waat? (Sie dét him en un) Né, wéi flott...(et schellt) (d'Margréit gét aus)
Här: Wien ass dann dât?
Mme: (Kennt eragestîrmt) Charel, eis Tatta stét dobaussen, ech hun se durch d'Schlössellach gesin. Do dech aus, well wann se dech esou geseit, da wés mur d'ganz Welt et.
(sie kréien de Kostüm net méi lass)
Här (léft op an ôf) A wat mân ech elo?
Mme: Séier Charel, eran hei an de Schâf mat der (t'Margréit gét d'Tatta sichen)

3. Szen

Tatta, den Här an d'Madame

Tatta: (eng firwetzeg âl Joffer, mat spatzer Nues)
Hm, bei iech richt et awer gudd. Sou richteg fein no Kakao.
Mme: Jo Tatta, mir hun - dât héscht - ech mengen...
Tatta: (kuckt ronderöm sech) Du wölls soen,dir hut e Pâck aus Amerika kritt. Ech gesin wouhin. Wâr eppes Feines dran?
Mme: (ganz durchernén) Léif Tatta, ech muss schnell an d'Kichen, ech komme gleich eröm, huel der Plâtz.
Tatta: Wou ass dann dei Charel?
Mme: Hien hâd... hien könnt gleich.
Tatta: Aha, e Pâck aus Amerika. A wât gesin ech dann do. Kakao! Amerikanesche Kakao! (sie leckt mam Fanger) Hm, wéi gutt, zimlech séiss, mais gud. (si kuckt ronderöm) Ech kucken awer elo nach op d'Margréit kén neit Kléd kritt huet. (sie mecht die Schâf op, de Meier könnt eraus, d'Tata jeitzt a fällt schwâch) E Marsmönsch. Höllef!
Mme: (kennt eragelâf) Wât ass da lass? Mei Gott, Tatta, komm zou der.
Här: (drechen) Déi ass hin (et schellt)
Mme: Oh mei, wien ass dann elo do? Wât soll ech mat der Tatta mâchen?
Här: Eran hei an d'Köscht mat hir. Do fällt se net op.
(sie léen d'Tatta an d'Köscht. De Meier klömmt nés an de Schâf)
Mme: (ass ausgângen, könnt mat engem Dolch an engem Ziedel eran) Charel, komm mol raus, kuck mol hei wât un der Dîr wâr.
Här: (könnt eraus) E Bréif!
Mme: Jo ech hun d'Dîr opgemâch, kén do. Wéi ech d'Dîr eröm zoumâchen, gesin ech en Dolch mat dem Ziedel an der Dîr stiechen (sie liest) "T'Köscht wärte mer kréien - döss Nuecht - déi schwârz Hand." Wât sés de elo?
Här: Déi denken och et wär Gold dran.
Mme: (ängschtlech) Dât klengt direkt grujelech 'déi schwârz Hand'....
(et schellt)

## 4. Szen

Pitty, Hary, Här a Mme Meier

Mme: Dât Geschells kritt haut kén Enn. Allez, eröm an de Schâf, Charel. (sie gét aus, vun dèr âner Seit kommen zwé déi maskéiert sin, kucken schei öm sech, wéi se d'Madame héieren erömkommen verstoppen se sech an de Schâf)
Et wâr nömmen de Möllechmann Charel, héiers de? (sie röselt un der (Schâfdîr , e Klédungssteck könnt ervir, si zitt drun) Da komm dach Charel (D'Dîr gét op, erféiert sprengt Mme zur Seit a verschwönt. Déi âner zwéin wölle fortlâfen, mais de Meier könnt hinnen entgéint)

Pit an Hary: Höllef, e Marsmönsch! Barmherzegkét, mir sin onschöllef. Höllef!!

Här: erféiert) Wéi, déi Stömmen kennen ech dach. Heielei, de Pit an den Hary. (hellt hinnen d'Duch vum Gesîcht) Margréit, komm mol kucken.

Mme: Wât war ech erféiert. Ech hâd scho gemengt et wir déi schwârz Hand.

Pit: O mei Här Meier. Wât e Gleck,dat dir den Här Meier sidd.

Hary: Mir duechten dir wärt e Marsmönsch.

Här: Wât dreift dir heieröm?

Zes.: Mir wollten Reiber spillen.

Här: Mâch dass ech iech net reiberen. A séier hém bei èr Bomi. Soss rabbelt de Wecker.

## 5. Szen

den Här an d'Mme Meier

Här: Wât hâten déi mech erféiert.

Mme: Wéi gét et der Tatta? (kuckt an d'Köscht) Déi ass nach ömmer net zou sech. (sie hölt de Bréif mam Dolch eröm) Ja, elo wösse mer nach ömmer net op döse Bréif vun dénen 2 Lausbouwen ass oder wirklech vun der schwârzer Hand.

Här: Du mat denger schwârzer Hand. (hie gét mat gelungene Gesten op si dur) Pass op ech sin déi schwârz Hand, ech sin déi schwârz Hand...

## 6. Szen

(T'Mme lâcht an gét zreck. Plötzlech sprengt hanner hirem Reck e Maskéierten eran an dreckt hir de Revolver an de Reck)

Mask I Hände hoch a ké Mukser méi (de Meier huet sech schnell an de Schâf verstoppt)Ei Conny, komm mâch virun(en 2. Maskéierte kennt eran mat gezücktem Dolch) Lass, stop hier de Schniewel(höllt en Duch a verbönnt hir dė Mond, sie versicht ze jeitzėn)

Mask II Bass de wuel roueg, hei get net gezwitschert.

Mask I Komm bann se un de Schâf. Mâch lues.
(sie bannen d'Mme mat engem lângen Sél un de Schâf. Si huelen d'Köscht a verschwannen a môlen nach eng schwârz Hand op d'Dîr vum Schâf.

Här: (ramouert am Schâf) Margréit, Margréit
(sie kann net schwetzen, de Meier versicht de Schâf opzemâchen, et gét net well de Streck ronderöm ass)

## 7. Szen

e Polizist

(de Polizist schellt a rifft vun dobaussen) Hé Charel. Do stömmt dach eppes net. (et héiert én wéi d'Dîr opgespârt get an de Polizist kennt eran)

Pol.: Ass dât do nach dran. Ma dir sidd schéi geweckelt (mecht d'Mme lass)

Mme: Ech sin erlédegt. Ech erliewen dât do net méi (sie fällt op e Stull)

Pol.: A wien hât iech dann esou gefesselt?

Mme: déi schwârz Hand

Pol.: A wien ass dann dât (e geseit Zéchen um Schâf) Uh, dât elo ass interessant. Dât muss ech a mei Bichelchen schreiwen. (et héiert én am Schâf Koméidi, d'Police wöllt kucke goen, d'Margréit jeitzt a verspèrt him de Wé)

Pol.: Wât héscht dann dât do, ewech ech sin am Dengscht.
Mme: Ech kann net méi. Oh wât eng Blamage (fällt an eng Schwächt)
Pol.: Och dât nach (e schléft d'Mme aus. Iwerdéms ass de Meier aus dem Schâf geklomm an huet sech derhannert verstoppt.D'Police kennt eröm eran a kuckt an de Schâf.Hien héiert hannert dem Schâf en Néitschen a gét virsichteg öm den Eck vum Schâf. Op der âner Seit kennt grâd esou virsichteg de Meier eraus. Se schleichen sech eng Zeit no Schliesslech bleiwt d'Police op engem Eck stoen a klemmt an de Schâf fir ze kucken op dén âneren net do ass. De Meier kennt erbei e mecht d'Dir zou an dreckt sech virdrun. Dobannen hart Gejeitz.)
Pol.: Hé opmâchen, opmâchen, am Numm vum Gesetz op-mâ-chen!!!
(et héiert én dobaussen Getröppels, de Meier stellt sech niewent de Schâf)

## 8. Szen

Mask I Wéi et schenkt ass ké méi hei.
Mask II Sou eng Band. Ons esou ze bedréien. Mais wârd elo.
Pol.: Am Numm vum Gesetz, opmâchen.
Mask II Lôss mer emol kucken wâtfir e Béischt do dra stecht.(sie mâchen d'Dir virsichteg op)
Pol.: Aha, sou sidd der endlech bei Verstand, wéi. (wéi en dé Maskéierten geseit fänkt en un ze zidderen an hiewt d'Hänn an d'Lucht)
Mask I Beroueg dech mei Béifchen! Avanti! (de Polizist get geknébelt an eröm an de Schâf gestach)
Mask II Sou an elo un d'Arbecht. Dât Gold muss irgendwou leien.
Mask I Da fanne mer et och. (sie sichen a fannen de Meier dé ganz roueg stét)
Mask II Hé Fistong kuck emol hei en Taucherkostüm. Wou kennt dén dann hir?
Mask I: Do schenkt eng Popp dran ze stiechen.
Mask II Oh, déi kann esougur d'Aen verdréien (d'Mask I get dem Meier e Stouss e fällt öm a fänkt un ze zidderen an rifft) Höllef!
Mask I: Allez, ran an de Schâf (sie setzen hien dran)
an elo mat Kuptisitéit (si sichen dorömmer a fannen de Pâck mam Sprangstoff)
Mask II Ei wât eng flott Affär: Sprengpolver. Ech hun eng Idi. Mir fanne jo dach ké Gold (setzt Köscht op de Schâf a fänkt eng Zündschnouer un)
Mask I:(geseit d'Köscht mat den Aeschen)Hei Fröndchen hei ass nach eppes Apârtes (hölt dervun) Hm dât schmâcht navel net iwel. Komm huel der och eng Portioun an dann eweg vun hei (sie fänken d'Schnouer un, iwerdém kommen déi 2 Gepäckdréier, déi âner verstoppen sech)

## 9. Szen

Gep I D'Dîr stét op, da muss én heibanne sin! Kén hei?
(déi 2 Maskéiert kommen op déi âner hirgefall, mais si gin gefesselt an lenks a riets bei de Schâf geluecht.)
Mask II Passt op et knuppt gleich.
Gep II Wât knuppt hei. Mâch dass du net geschwönn knupps.
Gep I Sou déi Affär wir erledegt. Hei schenkt awer wirlech kén ze sin.
(si setzen sech gemütlech nidder währenddem brennt d'Zündschnouer weider.)
Gep II Hätte mer déi Köscht nömme gleich mateweggeholl. Ech hu mer geduecht dat et déi falsch Adress wir. A propos, wou stét se?
Gep I (kuckt ronderöm) ech kucken schon déi ganz Zeit (geseit d'Schachtel) (e leckt drun) Hm prima Kakao, probéier emol (si lecken allen zwé)
Gep II Wât fir eng Schnouer hängt dann do. Se richt ugebrannt.
Gep I Déi Hausfra hei huet net vill Uerdnung. Hiert Owesiessen wärd ubrennen. Ja wann se net geschwön kommen, da gi mir (währenddém réieren déi 2 âner sech ängschtlech)
Gep II Roueg am Eck. Wât wärd den Här Meier staunen wann en eremkennt. Hien kann selwer d'Police bestellen. Mir hu keng Zeit.
Gep I Dât richt awer wirlech verdächteg. Komm mir gin emol an d'Kichen kucken.

## 10. Szen

Si gin aus a kommen gleich eröm mat der Mme Meier, déi schwâch gefall wâr si setzen se op e Stull

Gep II: Ass dât nach dran. Wât wâr nömmen hei lass? Hallo Mme Meier, erwecht w.e.g.
Mme : Ech sin dout, lôsst mech goen.
Gep I : Si ass dout.
Gep II: Jo da lôsse mer se alt goen (am Schaaf Koméidi)
Här: Hé, opmâchen!!!
Gep I: Do schengt én dran ze sin(mecht dè Schâf op an de Meier an d'Police kommen eraus)
Pol.: Am Numm vum Gesetz. Endlech frei. Wou sin déi Banditen?
Gep II: Hei leien se Här Kommissär.
Här: Befreit mech emol, mâcht dén Dekel hei op.
Gep I: Dât wärte mer gleich hun. (sie schrauwen lass)
Mme: (erwecht) Liicht, Liicht. Et get hell... Wou sin ech?
Här: (léft op se dur) Ma hei bas de Margréit.
Mme: Sin ech hei?
Här: Jo, hei.
Mme: Dann ass et gudd, wann ech hei sin.
Mme: Elo denken ech drun, wou ass ons gudd Tata?
Här: Déi ass bestömmt längst gekillt.
Mme (rifft a kreisch) Tatta, wou bass de?

LËTZEBUERGER GUIDEN A SCOUTEN "LGS"

## 11. Szen

Tatta: (kennt eran) Hei sin ech.
Här: Wéi du bass och nach do?
Tatta: Ah jo, ech hu mech befreit
Här: O schued, hmm... o wéi fein... kuck ech schenken der och eng ganz Schachtel Kakao (iwerdéms huet de Polizist d'Schnouer entdeckt)
Pol.: Alles an Deckung. Elo knuppt et!
(et rabbelt e Wecker an der Köscht)
Wéi schued, et huet net geknuppt, et huet nömme gerabbelt!!!